Action Avenir Haïti

L'union fait la force

Action Avenir Haïti besteet elo säit 5 Joer.
Wéi mir ugefaangen hu wollte mer eis Haïtianesch Frënn an hirem Alldag ënnerstëtzen. Sie ware scho vill Joere virdrun an hirem Quartier engagéiert. Si hu sech perséinlech an dem lokale Scoutsgrupp an an enger Schoul, bénévol fir eng Verbesserung vun de Liewesëmstänn agesat.

De Floss Rivière Froide féiert duerch de Staadtdeel « Carrefour » deen zu Port au Prince gehéiert. D'Flossbett gëtt vu ville Mënsche benotzt, fir Wueren aus de Bierger op Mäert an der Haaptstaadt ze transportéieren. Do wou déi kleng Pied ophalen an d'Staadt ugeet, do fënnt een de Quartier Rivière Froide, wou Action Avenir Haïti aktiv ass.

An deene 5 Joer hu mir am ganze schon 216 Kontrakter fir Mikrokreditter ënnerschriwwen. Dës hëllefen de Commerçanten an den Handwierker op der Rivière Froide hir Entreprise méi efficace ze féieren.
D'Schoul « le Reformiste » gëtt och integral vu Lëtzebuerg finanzéiert. 200 Kanner kënnen do vun der Spillschoul bis zum 6 te Schouljoer vun enger gratis Schoulausbildung profitéieren, an all Dag eng warem Molzecht zou sech huelen.

Action Avenir Haïti gouf 2008 och op Haïti legaliséiert an esou konnte mir d'Schoulgebai mam Terrain kafen. Längerfristeg wollte mir Schoulsäll, eng Bibiliothèque publique an ee Cybercafé op dëser Plaatz bauen an ariichten.

No der schrecklecher Katastroph vum 12te Januar hale mir eis aktuell Projeten natierlech bäi. Mir wëllen awer och, ganz no eiser Manéier, no beim Bierger an enger einfacher, efficacer an direkter Hëllef, d'Populatioun vun der Rivière Froide ënnerstëtzen an hir Situatioun e wéineg verbesseren.

Vill Mënschen hunn hiert Doheem verluer a musse bei Famillen ënnerkommen oder an Zelter liewen. Kee weess nach wou a wéi nei gebaut ka ginn. Vill Mënschen hu schrecklech Verletzungen déi nach iwwert länger Zäit versuergt musse ginn. Vill Mënschen hunn hir Existenz verluer ; Wueren, Maschinnen, Material. Zesumme mat eisen Haïtianesche Partner wëlle mir an deenen nächste Méint e Plang ausschaffen, wou am néidegsten an am sënnvollsten investéiert soll ginn.
An dësem Sënn, an enker Zesummenaarbecht mat eiser Agence vun Action Avenir Haïti op der Plaatz, freeë mir eis iwwert all Spend, déi dëse Leit an hirem Misère hëllefe kann.
Merci fir Är Ënnerstëtzung.

www.aah.lu